



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le 25 octobre 2019
Réf. N° QP-99/19

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
L-2450 Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°1253 du 24 septembre 2019 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe notre réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice

Äntwert vun der Ministère de la Justice, Sam Tanson, an vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro N° 1253 vum 24. September 2019 vum honorablen Deputéierten Fernand Kartheiser

Fir de Certificat „*Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg*“ ze kréien, deen ee brauch fir d'Lëtzebuurger Nationalitéit ze kréien, huet een d'Méiglechkeet déi entspriechend Coursen ze besichen oder sech engem Examen zum Thema ze stellen.

Op déi Iwwerprüfung vun de Kenntnisser muss een sech autonom virbereeden. Dofir gëtt et Dokumentatiounspropositiounen, déi zu engem Deel aus dem Buch vum Instruction civique-Cours aus dem Enseignement secondaire „Instruction civique, Classe de Iie, MENFP, ISBN: 9782879950143“ an zum aneren Deel aus Säiten vum „Portail officiel du Grand-Duché de Luxembourg“ bestinn.

Vun deene Leit, déi um Examen deelhuele wëllen, gëtt eng gewësse Selbststännegkeet doranner verlaangt, sech d'Matière ze beschafen an se ze studéieren, woubäi déi Leit, déi sech domadder schwéier dinn, sech ouni Problem fir e Cours umelle kënnen, an deem si sech d'Dokumenten net selwer beschafe mussen, mee alles wat néideg ass, vun de Formateure vermëttelt kréien.

D'Formateuren beruffen sech ënner anerem op d'Dokumentatiounspropositiounen, hir beruflech Erfahrung an hir Formatioun. Si deelen do och Material aus, dat si fir ubruecht halen, respektiv gi si de Leit op Nofro hin weider Quellen un.

De Cours soll méiglechst interaktiv sinn an op d'Bedürfnisser vun alle Kandidaten agoen, déi mat ganz ënnerschiddlechen Bildungshannergrënn vertruede sinn. An deem Sënn ass et net ubruecht, mat de Leit einfach e Buch duerchzehuelen. Et ass schwiereg, e Buch fir e ganz heterogene Public ze realiséieren, e Buch, dat fir deen een usprochsvoll genuch muss sinn a fir den aneren net ze schwierig dierf sinn.

D'Matière soll sech, fir d'Coursen lieweg an interessant ze gestalten, och ëmmer op d'Aktualitéit bezéien. Deen Aktualitéitsbezug wier mat engem Buch schwéier ofzedecken.

Et muss een och ënnersträichen, dass d'Dokumentatiounspropositiounen am Internet méi liicht z'aktualiséieren sinn wéi e Buch.

Zousätzlech géif e Buch fir d'Leit aus de Course vum „*Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg*“, déi, genau wéi d'Examen, bis elo nach gratis sinn, och nach méi Onkäschte bedeuten. Zudeem misst dat Buch, genau wéi d'Coursen an d'Examen, dann och dräisproocheg erauskommen an och an deenen dräi Sproochen vun Zäit zu Zäit aktualiséiert ginn, wat nees vill Käschte verursaache géif.

Aus deene Grënn huet de Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse net geplangt, e Buch speziell fir d'Course vum „*Vivre ensemble au Grand-Duché de Luxembourg*“ erauszubringen.